N°2143
Entrée le 25.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Et gouf u mech erugedroen, datt de Fonds Climat et Energie (FCI) momentan keng nei Demandë fir Projetssubventioune vun ONGen unhëlt, well se sech an enger Phas vun Evaluatioun a Reorganisatioun am Hibléck op eng nei international Klimafinanzéierungsstrategie 2026-2030 befanne géifen, déi fir Enn 2025 geplangt ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi laang wäert dës Suspendéierung viraussiichtlech daueren a wéi eng Moossname ginn ergraff fir sécherzestellen, datt dës Mesure déi lafend Aarbecht vun den ONGen net negativ beaflosst?
2. Wéi vill Dossieren, déi schonn eragereecht goufen, sinn nach an der Beaarbechtung, a wéi eng Ressourcë ginn zur Verfügung gestallt fir ze garantéieren, datt dës Dossieren ouni weider Verspéidung traitéiert ginn?
3. Wéi ass d'Ënnerstëtzung fir ONGe garantéiert, déi op Klimafinanzéierung ugewise sinn, wärend där Period wou keng nei Projetssubventiounen accordéiert ginn?
4. Wat sinn déi genee Krittäre fir den Agrement, deen zukünfteg vum Ministère verlaangt gëtt, a wéi vill vun den aktuellen ONGen, déi mam FCI schaffen, verfügen iwwer dësen Agrement?
5. Wat ass konkret bei der Entwécklung vun der neier Strategie fir d'international Klimafinanzéierung 2026-2030 virgesinn a wéi wäerten Interessevertrieder, besonnesch d'ONGen, an dëse Prozess agebonne ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten